N°2318
Entrée le 10.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2318 vum 14. Mee 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer de Bus-Fuerpark vun den CFL.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer de Bus-Fuerpark vun den CFL. Des Informatioune goufe bei der CFL ugefrot.

1) *Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Busse säit 1990 all Joers an de Fuerpark vun der CFL opgeholl goufen, wéi laang dës all Kéiers duerchschnëttlech am Betrib waren a wéi vill Kilometer se dobäi jeeweils insgesamt, souwéi iwwert d'Joer gekuckt, zeréckgeluecht hunn?*

| *Joer* | *Unzuel un neie Busser* | *Altersduerchschnëtt a Joere* | *Kilometer pro Joer* | *Kilometer insgesamt* |
|---|---|---|---|---|
| 1990 | 0 | | keng Daten | |
| 1991 | 6 | 10,00 | keng Daten | |
| 1992 | 0 | | keng Daten | |
| 1993 | 8 | 9,00 | keng Daten | |
| 1994 | 6 | 11,00 | keng Daten | |
| 1995 | 11 | 10,36 | keng Daten | |
| 1996 | 3 | 10,67 | keng Daten | |
| 1997 | 14 | 9,86 | keng Daten | |
| 1998 | 0 | | keng Daten | |
| 1999 | 0 | | keng Daten | |
| 2000 | 8 | 7,13 | keng Daten | |
| 2001 | 8 | 8,25 | keng Daten | |
| 2002 | 0 | | keng Daten | |
| 2003 | 5 | 7,00 | keng Daten | |
| 2004 | 0 | | keng Daten | |
| 2005 | 14 | 7,36 | keng Daten | |
| 2006 | 11 | 9,00 | keng Daten | |
| 2007 | 10 | 9,40 | keng Daten | |
| 2008 | 10 | 10,20 | 842 389 | 8 592 367,97 |
| 2009 | 9 | 10,00 | 770 290 | 7 702 896,77 |
| 2010 | 12 | 9,08 | 1 019 559 | 9 260 998,65 |
| 2011 | 0 | | | |
| 2012 | 0 | | | |
| 2013 | 10 | 11,90 | 839 029 | 9 984 443,12 |
| 2014 | 0 | | | |
| 2015 | 12 | lafen nach | | |
| 2016 | 17 | lafen nach | | |
| 2017 | 2 | lafen nach | | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 2018 | 0 | | | |
| 2019 | 37 | lafen nach | | |
| 2020 | 1 | lafen nach | | |
| 2021 | 2 | lafen nach | | |
| 2022 | 0 | | | |
| 2023 | 1 | lafen nach | | |
| 2024 | 11 | lafen nach | | |

2) *Kann d'Madamm Minister e Präisvergläich vun der Neiuschafung vun engem aktuellen Elektro- an Dieselbus bei ongeféier gläicher Kapazitéit presentéieren?*

Bei den Elektrobusser hänkt et vill vun der Batteriekapazitéit a vun de Batterietechnologie of, et kann een awer soen, datt een Elektrobus tëschent 2-2,5 mol méi deier ass wéi ee vergläichbaren Dieselbus.

3) *Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi een Zweck deenen neien Elektrobussen no aacht Joer viraussichtlech soll zougewise ginn? Ginn se um Occasiounsmaart ofgesat, verschrott oder eventuell als Reserve fir Ersatzstécker, respektiv Formatioune gehalen?*

Dat steet haut nach net fest.

Et ass esou, datt an all de Bus-Soumissiounen d'Hiersteller mussen eng verbindlech „buy-back" Offert matt ofginn. Deemno wéi d'Situatioun dann um Enn vun der Liewensdauer ass, gëtt decidéiert wat am Beschten ass (buy-back, recycléieren, Verkafen um fräie Marché per Soumissioun etc.).

4) *Wéi schätzt d'Madamm Minister d'Innovatiounsentwécklung um Marché vun den Elektrobussen iwwert déi nächst Joren an? Leeft Lëtzebuerg an engem "optimisteschen" Zenario net Gefor, elo nach Busser ze kafen déi an e puer Joer technologesch iwwerholl sinn?*

D'Entwécklung vun der Batterie geet rasant weider.

D'Ziel ass et fir reegelméisseg d'Flott vun den CFL ze erneieren an domadder ëmmer um technologesch leschte Stand ze sinn.

Lëtzebuerg, de 10. Juni 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES